Gemeng
NIDDERAANWEN




## DIR DAMMEN AN DIR HÄREN,

De Schäfferot vun der Gemeng Nidderaanwen, zesumme mam DouzelageTeam Nidderaanwen, hunn déi grouss Éier, Iech op d'Zeremonie vum Projet „Road to Ukraine", den Donneschden, 13. Juni 2024 um 10h00 beim Gemengenhaus (18, rue d'Ernster L-6977 Oberanven), anzelueden.

Am Kader vum Douzelage Europe, der europäescher Städtepartnerschaft, déi insgesamt 28 Partnerstied zielt, an an där d'Gemeng Nidderaanwen als Grënnungsmember zanter 1991 u mat dobäi ass, gouf d'lescht Joer de Projet „Road to Ukraine" an d'Liewe geruff. Déi ursprünglech Iddi vum deemolege Gremium war et, d'Partnerstied opzeruffen, fir en Don ze maachen, fir esou am beschte Fall zwee Minibusser kafen ze kënnen, fir d'Stad Kamenets an der Ukrain dobäi ze ënnerstëtzen, d'Grondbedierfnesser vun hiren neien Awunner ze erfëllen, sief dat eeler Leit, Kanner oder sozial vulnerabel Gruppen.

Nodeems d'Gemeng Nidderaanwen am Januar 2024 net nëmmen en Don un de Projet gemaach huet, mee och mat enger Lëtzebuerger Busgesellschaft gekuckt huet, fir zwee Minibusser kënnen ze spenden, ass elo de Moment komm, wou sech dës Minibusser op de Wee an d'Ukrain maache kënnen.

Sou wäerte sech den 13. Juni vun Nidderaanwen aus 7 Delegéierter vu 5 verschiddene Partnerstied op de Wee a Richtung Siret maachen, fir dann de 16. Juni vun do aus op Kamenets an d'Ukrain ze fueren an d'Minibusser feierlech ze iwwerginn. De Fuerplang gesäit follgendermoossen aus:

***13. Juni: vun Nidderaanwen op Bad Kötzting (DE)***
***14. Juni: vu Bad Kötzting op Satu Mare (RO)***
***15. Juni: vu Satu Mare op Siret (RO)***
***16. Juni: vu Siret op Kamenets (UA) mat offizieller Iwwergab***
***17. Juni: vu Siret op Iași (RO)***
***18. Juni: Ofreess mam Fliger vum Flughafe vu Iași aus***

**Umeldung fir d'Zeremonie zu Nidderaanwen per E-mail bis den 10. Juni 2024 via laura.gaul@niederanven.lu.**

De Schäfferot,

Fréd TERNES Josselijn DE VRIES Jacques BAUER




## LADIES AND GENTLEMEN,

The Board of Mayor and Aldermen of the Commune of Niederanven, together with the DouzelageTeam Niederanven, have the great honour of inviting you to the ceremony of the project "Road to Ukraine", on Thursday, 13th June 2024 at 10 a.m. in front of the Commune Building (18, rue d'Ernster L-6977 Oberanven).

The project "Road to Ukraine" was launched last year by Douzelage Europe, the European Town Twinning organisation, involving 28 twinned towns, of which the Commune of Niederanven has been a founding member since 1991. The original idea of the former Douzelage board was to call on the twinned towns to donate funds for the purpose of buying up to two minibuses and in this way to assist the town of Kamenets in Ukraine to fulfil basic needs for its new inhabitants, may this be elderly people, children or socially vulnerable groups.

Since the Commune of Niederanven not only made a donation in January 2024, but also found a Luxembourgish bus company that was willing to donate two minibuses, the time has now come for the minibuses to set off on their journey to Ukraine.

On Thursday, 13th June, 7 delegates from 5 different twinned towns will start their journey from Niederanven to Siret and then travel from there to Kamenets in Ukraine on 16th June to present the minibuses in an official ceremony. The itinerary is as follows:

***June 13 : from Niederanven to Bad Kötzting (DE)***
***June 14: from Bad Kötzting to Satu Mare (RO)***
***June 15: from Satu Mare to Siret (RO)***
***June 16: from Siret to Kamenets (UA) with official hand-over***
***June 17: from Siret to Iași (RO)***
***June 18: Departure by plane from the airport in Iași***

**Please register for the ceremony in Niederanven by the 10th of June via laura.gaul@niederanven.lu.**

The Board of Mayor and Aldermen,

Fréd TERNES    Josselijn DE VRIES    Jacques BAUER